

PHOTO-ART

Titulaire(s) du cours : Jean-Paul KIEFFER, Sarah SONNETTI

Classes et horaires : 2^e et 1^{re} – vendredi de 12h35 à 14h20

Finalités et objectifs de l'option :



« Vom Motiv iwert de Film zur Foto »

Des Optioun wëll de Schüler an di faszinéierend Welt vun der analoger Schwarz-Wäiss Fotografie aféieren.

An eiser schnelligeweger digitaler Welt erliefst di klassesch analog Fotografie en neien Opschwung. Analog ze fotograféieren bedeit, sech Zäit huelen fir d'Motiv, d'Liichtverhältnisser, d'Kompositioun beim Fotograféieren an och beim Entwéckelen vun dese Fotoen an der Dunkelkammer.

Programme pour l'année scolaire 2018-2019

1. Theorie a Praxis

No enger kuerzer theoretescher Aféierung an d'Geschicht vun der Fotografie, léiert de Schüler de Fotoapparat mat senge Funktioune kennen (Blend-, Zäitastellung, Schärf, Déiwteschärf, di verschidden Objektiver, asw) Dono ginn schwarz-wäiss Filmer (no engem festgelueten Thema) fotograféiert a selwer an der Dunkelkammer vum LGE entwéckelt, fir d'éischt den Negativ an dann, vun deem, och d'Positiver, also d'Fotoen gezunn.

2. Deen artisteschen Deel

Niewend dem techneschen Basiswëssen, geet et och ëm deen artisteschen Deel vun der Fotografie: Wéi machen ech e gudde Cadrage, eng interessant Mise en scène? Wéi kann ech d'Qualitéit vu menger Foto an der Dunkelkammer optiméieren? Wéi präsentéieren ech meng fäerdeg Foten? asw

3. Dat allgemengt Interesse un der Fotografie

Dëst soll och beim Schüler gefördert gin andeems mer Austellunge kucke gin, Fotografe kenneléieren, Zäitschrëften a Bicher iwer Fotografie liesen, Concours matmaachen, asw

Public cible, Méthodologie, déroulement

D'Optioun riicht sech un all 2^e a 1^{res} Schüler, déi Spaass an Interesse un der Fotografie hunn, gewëllt sinn hir eege Kreativitéit erauszefuerderen, gären konzentréiert an autonom schaffen an enger Atelierambiance.

Des Optioun as hauptsächlech praktesch orientéiert no der Method Learning by doing.

Fir Schüler, déi op eng Konschtschoul wëlle goen as et s'cher e Plus, Kenntnisser an der analoger Fotografie ze hunn.